



Hurra!!! Eis Sprooch ass an der VERFASSUNG/CONSTITUTIOUN

Haut, den 1. Juli 2023, op den Dag vun dëser KLACK (N°293), kënnst eis ëmgeännert Constitutioun a Kraaft. Et krut jiddereen deen Text, kann sech den Artikel 4. genee ukucken a bedenken. Mat engem typesche Lëtzebuenger Ausdrock kënnst ee soen: Endlech, dat huet gebonn!



Äre Schreier ass am Hierscht 1998 mat sengem fréiere Schoulkomerod, dem Deputéierte a Stadter Scheffe Willy Bourg (getréischt) wéi sou dacks am Märelor Park getréppelt; et gong rieds vun eiser Sprooch an dem Sprooch-Gesetz vun 1984, dat mir dem Staatsminister Pierre Werner an der Chamber **mat eise gudde Relatiounen** – an dem **Haaptargument vun de Lëtzebuenger hirer Resistenz** géint d’Nazi-Hannerlëschtgeket vum 10. Oktober 1941 – am Fong ‘ofgegotzelt’ haten.

Duerno hat sech ewell e sëllegen um legislative Plang op Grond vun dësem Gesetz gemaach... mä déi Legislatioun stong net op deene beschte Been, well e Gesetz jo zimlech ‘liicht an de Schapp fallen’, oder mat einfacher Majoritéit ofgeschafft ka ginn, wann et net däitlech, definitiv an ausdrécklech um Fong vum Grondgesetz, der Constitutioun, steet. Deer Schwächt war also nëmme mat engem kloeren Artikel am Fëllement vun eisem souveräne Staat ofzehëllefen.

Den Här Bourg gong an der Chamber mat op dee Wee; d’Staatsministere Jacques Santer a Jean-Claude Juncker ware mat am ‘Coup’. Mir hate Rendez-vous mat jidder Partei. **Zugudderlescht sinn d’Haaptpartei mat op eise Constitutiounspad gaang, an de Staatsrot huet net ofgebremst.** Eng Verfassung gëtt net ‘all gudde Broutdag’ geännert; et muss eng absolutt Majoritéit (60%) vun der Chamber fir Ännerunge sinn, oder d’Vollek an engem ‘Referendum’ dofir stëmmen. Mä hei gong et elo jo ower net nëmme ëm eis Sprooch; eng ganz Partie wichteg Ännerungen a Kloeerstellunge stongen doriwwer eraus um Programm: **d’Sproochsituatioun, de Lëtzebuenger Fändel, eis Staatswopen an d’Nationallidd ‘Ons Heemecht’;** eng Saach, déi de Jacques Santer (ärem Schreier säi Chef), op gesetzlech Féiss stelle gelooss huet. Fir d’Verfassungsfro huet d’Chamber sech fir eng ‘intern’ Léisung entscheet; de Staatsminister Xavier Bettel huet hei eng elegant positiv Roll gehat.

Äis bleift elo, **allen Acteure fir den neie Verfassungsartikel 4. e waarme Merci** ze soen: der Chamber, der Regierung, dem Staatsrot... och der Press, déi e gudden Deel vun deer wonnerbarer Decisioun ‘schëlleg’ ass; si hunn äis **Dosende vun Artikele** publizéiert, mat deene mir joerelaang hannert der ganzer Saach ‘gebengelt’ hunn, déi mir dann – 2011! – vun der Actioun-Lëtzebuergesch aus an engem Sammelheftchen erausginn hunn.

Iwwerens: **Ouni eis/är Actioun-Lëtzebuergesch- eis Sprooch wier eis Nationalsprouch verblatzt** a ‘brooch’ an eiser Heemecht leie bliwwen! Do geet och dee beschten Dictionnaire net duer, eis ‘Literatur’ war zimlech ‘mini’, de Schoulsystem net drop ausgeriicht ... alles dat huet an deer leschter Dose Joeren en neie Schwonk an eng héich-populär Situatioun kritt.

Heinieft fannt dir dann d’Titelsäit vun eiser Brochure vun 2014, mat 48 publizéierten Artikele rondrëm d’Lëtzebuergesch an der Constitutioun, dobäi e wonnerléift Gedicht fir eis Sprooch, vun engem vun eise beschte Schreier, dem René Kartheiser.

EIS SPROOCH

Sinn et d’Koppen, d’Stécker, d’Bëscher, déi d’Leit maache wéi se sinn, oder si mir duerch d’Gebräicher Lëtzebuenger Biirger ginn? Jiddereen, dee misst et spieren: Lëtzebuerg, dat läit muer brooch, wa mir haut mussen entbieren d’Kraaft vun eiser Heemechtssprooch! Ech weess, ech weess, et gëtt gesot, eis Sprooch wier gutt fir an de Stot, fir héich Gedanken, grouss Gefiller, do hätte mir keng richtig Biller. Souguer, wann dat sollt wouer sinn, kann et dach näischt méi Schéines ginn, wéi sech an d’Sprooch eranzeknéien, an deer eis eege Blumme bléien. Franséisch an Däitsch däerf iech gefalen, mä wat dir musst an Éiren halen, dat ass eis Sprooch... well si ass d’Muerg vum klenge Ländche LËTZEBUERG!

René Kartheiser
1972

De Kauzekapp

Dat sinn déi ‘Fëschelcher’, aus deene Fräsche gëtt; déi si mir als Kanner an eng butzeg Baach am Bësch fänke gaang. Wann een e bëssen e ‘Gelungene’ war, guff en och alt emol ‘Kauzekapp’ genannt.
Mä wéi seet een an anere Sproochen dofir?
Kaulquappe op däitsch; *têtard* op franséisch; *tatbole* op englesch; *kikkervis* bei den Hollänner; alles meilwäit vun eisem Kauzekapp. Mir hu kéipweis eiser Nimm fir ‘Gedéierches’ um Buedem, an der Luucht an am Waasser, bei deene knapps een drun denkt, wéi typesch lëtzebuergesch hir Nimm bei äis sinn, wéi z.B. Seejomes, Päerdskruwweler, Himmelsdéierchen, Sch...méck asw. Leider, leider rutsche mir ower ze dacks fir si an d’Däitsch. A ganz sécher kënnst et vum *Fernseh*.

Ass iech bewosst,

datt mir immens vill Wieder an Ausdröcksweisen hunn (gebrauchen?), déi een ëmsoss an anere Sprooche vu Westeuropa siche geet? **Meescht gëtt ower zevill séier ‘gemengt’, dat kimm dach aus dem Däitschen, dem Franséische, Engleschen, vläicht och dem Hollänneschen.** Äntwert roueg mat engem vun eisen typeschen Ausdréck: Quatsch! Wéi soen d’Leit?: Wie ‘mengt’, dee...
Huet emol eist Verb **‘zillen’**. Mir ‘zillen’ eis Kanner (gutt oder schlecht); mir zillen ower och Kéil(!) an der Kautsch oder Gromperen; mir zille Kanéngercher, Beien oder aner Déieren... Setzt dat emol an d’Sproochen hei uewendrun; dat gëtt ‘Krämpes’...an hei hu mir et da schonn nees mat engem vun eisen typeschen Ausdréck ze dinn, wou een sech zwar wäitleefeg un d’Sproochfelder vu *‘Krampf/ crampe’* erënnere kann, ower... nëmme wann een de Lais nach d’Fléi wëllt siche goen ☺

Schmeier, schléi?

Natierlech ass et komoud, einfach ze soen, dat wieren ‘al’ Wieder. Op déi Manéier dréine mir eiser Mammesprooch den Hals ëm. Et ass éischer eng Fro vu Sprooch-Lidderegkeet. Intressant wier et, emol e bësse rondrëm sech ze froen, wat da ‘schmeier’ oder ‘schléi’ soll sinn. Och an engem Kräizrätsel hätten esou ‘onbekannt’ Wieder jo hir Plaz.
‘Schmeier’ fanne mir am Däitschen als ‘schwül’, am Franséischen als ‘lourd’, op englesch als ‘sultry/muggy’... alles himmelwäit vun eisem originelle ‘schmeier’ ewech. Et wier also emol ganz flott, wann een z.B. **am Schoul-Lëtzebuergesch eng Zort Lëschte** fir d’Wieder an aner ‘Naturphenomeene’ giff zesummestellen; eng Goldsach fir eis Sprooch!